

RADIO ART ZONE

Radio Art Zone ass e Projet vum Artisten-Duo Mobile Radio (dem Sarah Washington a Knut Aufermann) an dem Radio ARA, bei deem während 100 Deeg vum 18ten Juni bis 25. September 2022 e spezielle Programm fir déi europäesch Kulturhauptstad Esch 2022 gesend gëtt. De Programm besteet aus zwee verschiddene Formater: eng 22 Stonne Radiokonscht Produktioun an enger 2 Stonne Mëttes-Sendung aus enger lokaler Kichen. Dobäi kommen zwou Kënschtlerresidenze vu jeweils engem Mount an e Programm mat öffentlechen Evenementer.

All Dag klengt de Radio aneschtens: 100 international an national Kënschtler*innen a Gruppe sinn invitéiert ginn e längere Programm ze produzéieren, dee vun hinne verlaangt sech méi intensiv mat engem Sujet ausernee ze setzen a woubäi de Choix vun der Produktiounstechnik ganz open ass. Vu Performancen, Kompositiounen, Installatiounen iwwert Interventiounen am öffentleche Raum, aus der Vue vum Radio Art Zone Nolauschterer ass et eng Zort auditiv Loterie. All Dag gëtt en eenzegaartegt Konzept ugebueden, eng nei Toun-Erfahrung, e neit Gefill vu Radio.

D'Mëttes-Sendunge bréngen eng Atmosphär vun doheem aus der Kichen: Leit déi mat Gäscht kache, schwätzen a laachen. Dëse Kader bréngt Plaz fir spontan Diskussiounen iwwer d'Radiokonscht-Aarbecht tëschent Artisten, Invitéen a spontane Gäscht, déi just kuerz luusse kommen. Gemeinsam gëtt 'on air' gekacht, ouni gereegelten Ofaf oder formell Interviewen. Verschidde Live Mëttes-Sendunge wäerten am öffentlech zougängleche Studio vum Radio Art Zone Projet stattfannen, anerer ginn aus privaten oder öffentleche Kichen aus a ronderëm Esch gesent, wat dëse Projet mam Alldagsliewe vun de Nolauschter*inne verbanne soll.

Iwwert 100 Deeg gëtt Radio Art Zone am Kontext vun der Kulturhauptstad Esch 2022 iwwer eng lokal Radiosfrequenz ausgestraalt. Och Online wäert de Programm ze lauschtere sinn, genau esou wei och verschidden international Partnerradioen dëse Programm an der ganzer Welt verbrede wäerten. Méi Informatiounen zum Projet sinn um Site www.radioart.zone ze fannen.

ORGANISERS



MAIN SUPPORTERS

